
Klautjen

Nr. 01/2025



YouTube

www.bissen.lu

PROJETEN & REALISATIOUNEN

Crèche beim Musekshaus 7
Crèche Margréitchen 9
Schnittblumenfeld für Bissen 12
Neie Park beim Wunngebitt „An der Bléi“ 13
Neien Drénkwaasser-Bassin zu Biissen 14

Klautjen

Nr. 01/2025

EVENEMENTER & RÉCKBLÉCK

D’Biisser Musek feiert Cäciliendag 20
Neiegkeete vum Sportveräin Bi-Fit asbl Biissen 24
Liichtmëssdag & Fettendonneschden 26
Buergbrennen zu Biissen 2025 28
Ëmweltwoch zu Biissen a Colmar-Bierg 31

REPORTAGEN & INTERVIEWS

De Frounert vun 1970 bis haut 50
Bis'Talk mam Mattis Koch 56

ADMINISTRATIOUN & SERVICER

Nei op der Gemeng 82
Kräizwuert-rätsel 80
Aktioun Päiperlek 66
Monitoring von Wiesen und Weiden 64

www.bissen.lu
/gemeng.biissen
www.bissen.tv
/gemeng.biissen
SMS2CITIZEN
Bissen-App
Signalez-le!



Op ee Wuert

Léif Biisser,

No de laangen däischtere Wanterméint si mer elo matten am Fréijoer. D’Natur ass erëm erwächt, an elo fänkt och d’Zäit u mat de ville Festlechkeeten dobaussen: Nuit du sport, Kiermes, Nationalfeierdag, Bis’scène, fir der nëmme puer ze nennen. Mä datt och am Wanter zu Biissen vill lass ass, gesitt Der an dëser Ausgab vum Klautjen, an deem d’Veräiner ee Réckbléck op hir wanterlech Aktivitéite maachen.

Am Klautjen fannt Der awer och de Suivi vun eise Chantieren, dem Rehaussement vun der Grondschoul, dem Park an der Bléi an och iwwer d’Fäerdegstellung vum provisoresche Rond-point um Rouscht. Da gesitt Der och en Ausbléck op e puer nei grouss Chantieren, engem neien Drénkwaasserbasseng um Wobierg an dem Chantier an der Grand-rue, engem Chantier dee sécher zu Perturbatiounen am Verkéier féiere wäert, mä deen awer onëmgänglech ass.

Da fannt Der awer och an dëser Ausgab de Suivi vum Historique iwwert de Frounert an e ganz besonnesche Reportage vum Mattis Koch, deen als Austauschschüler op der Île de la Réunion war. De Klautjen informéiert lech och dodriwwr, datt an den nächste Méint an der Gemeng Biissen den Inventar vum architektonesche Patrimoine gemaach gëtt.

Ech wënschen Iech vill Freed bei der Lektür vun der éischter Ausgab vum Klautjen fir 2025, vill Succès beim Léise vum Rätsel a ganz schéi Fréijoer- a Summerméint.

David Viaggi, Roger Saurfeld & Cindy Barros Dinis

Après les longs et sombre mois d’hiver nous sommes en plein printemps. La nature s’est de nouveau réveillée et en même temps c’est le début des festivités en plein air : la nuit du sport, la kermesse, la fête nationale, Bis’scène, pour en nommer quelques-unes. Mais que l’hiver n’est pas une saison inerte pour les associations et clubs se voit dans cette édition du Klautjen, dans laquelle les clubs font une rétrospective de leurs activités.

Dans ce Klautjen vous trouverez également un suivi de nos chantiers, le rehaussement de l’école fondamentale, le parc an der Bléi et aussi la finition du rond-point provisoire au Roost. De même vous verrez ce que l’avenir va donner : un nouveau bassin d’eau potable au Wobierg et un vaste chantier dans la grand-rue. Certes ce chantier va donner des perturbations dans la circulation, mais toutefois il est incontournable.

Encore vous trouverez dans cette édition le suivi du historique sur le Frounert et un reportage sur Mattis Koch, qui a passé 6 semaines à l’Île de la Réunion, en tant que élève échange. De même vous pouvez lire les informations quant à l’inventaire du patrimoine architectural qui va se faire dans les mois prochains.

Je vous souhaite bonne lecture de la première édition du Klautjen pour 2025 et du succès dans la solution des mots croisés. En plus j’espère que vous passerez un bon temps dans les mois de printemps et d’été.

Projeten & Realisatiounen

Projete vun der Crèche beim Musekshaus

Bëschprojet "Natur on Tour"

De Projet gëtt a Kooperatioun mat 5 verschiddenen Elisabeth-Strukturen an „Natur on Tour“ organiséiert. Kanner an hir Educateuren an Educatricen aus den eenzelne Strukturen treffe sech reegelméisseg op verschiddene Bëschplazen a verbréngen de ganzen Moien do, inklusiv engem Mëttegiessen, dat meeschtens op der Plaz gekacht gëtt. Dobäi kënnen d’Kanner, déi hëllefe wëllen, fir de ganze Grupp matkachen.

Bei dësem Projet kënnen d’Kanner d’Natur an hirem eegene Rhythmus entdecken. Dobäi kënne si och mat anere Kanner an der frëscher Loft spillen, kreativ sinn an d’Ëmwelt zesummen exploréieren. Hei besteet d’Méiglechkeet gemeinsam Erfarungen ze maachen. Duerch déi ugebueden Aktivitéiten an der Natur stäerken d’Kanner d'Verbindung zu hirer Ëmwelt an erliewe Freed an der frëscher Loft.

Projet forêt "Natur on Tour"

Ce projet est réalisé en coopération avec 5 différentes structures de Elisabeth et “Natur on tour”. Les enfants et les éducateurs et éducatrices des différentes structures se rencontrent régulièrement à des places variées dans la forêt. Ils y passent toute la matinée et y prennent également le déjeuner qui est, pour la plupart des cas, préparé sur place. Même les enfants peuvent aider à cuisiner pour tout le groupe.

Lors de ce projet, les enfants peuvent découvrir la nature à leur propre rythme. En même temps, ils jouent avec d’autres enfants en plein air, ils peuvent être créatifs et explorer ensemble l’environnement et faire des expériences communes. Les activités offertes font que les enfants renforcent leur relation avec l’environnement et qu’ils ressentent de la joie en plein air.







Projet Nohaltegkeet an der Crèche beim Musekshaus

An der Crèche beim Musekshaus hunn déi kleng Kanner ugefaangen, e Bewosstsinn dofir ze entwéckelen, wéi eist Verhalen d'Ëmwelt beaflosst. Si hunn duerch aktivt Matwierken d'Wichtegkeet vun einfachen Aarbechten agesinn, wéi d'Planzefleeg, d'Recycléiere vu Materialien, a si hunn de bewosste Konsum vun der Energie entdeckt. Dës Aktivitéite sensibiliséieren d'Kanner fir d'Wichtegkeet vun der Ëmwelt.

D'Kanner hunn och aktiv un der Gestaltung vun enger Kugelbunn aus recycléiertem Material deelgeholl. Si hunn net nëmmen alles mat ville Faarwe bemoolt, mee si hunn och mat Hëllef vun den Educateuren an Educatricen déi verschidden Elementer als Kugelbunn un der Mauer opgehaangen. Dës Aktivitéit war eng gutt Geleeënheet, fir hinnen ze weisen, wéi kreativ a variéiert d'Materialien aus zweeter Hand kënne sinn.



Durabilité dans la crèche "Beim Musekshaus"

Dans la crèche beim Musekshaus, les petits enfants ont commencé à développer une conscience pour la question, comment nos habitudes ont une influence sur l'environnement. Par leur participation active ils ont appris l'importance de simples travaux, comme le soin des plantes ou le recyclage de matériaux. De même ils ont vu la consommation consciente de l'énergie. Toutes ces activités les ont sensibilisés pour l'environnement.

Les enfants ont également participé activement à la conception d'une piste de boules en se servant de matériel recyclé. Non pas seulement qu'ils ont coloré le tout, mais ils ont suspendu tous les éléments en tant que piste à boules sur le mur, cela avec l'aide des éducateurs et éducatrices. Cette activité a servi à leur montrer à quel point les matériaux second hand peuvent être créatifs et variés.

Projete vun der Crèche Margréitchen

Blumme séinen


Fir d'Fréijoer ze starten hu mir zesumme mat de Kanner Blumme geséint. Jiddfereen huet dierfe probéieren. Als éischt gouf Buedem an ee Back gemaach, mat den Hänn oder mat der Schëpp, dat wor egal. Da gouf de Som an de Buedem gedréckt an zum Schluss mat der Strenz mat Waasser genätzt. Lo waarde mer op eng schéi Blumm, déi deemnächst wiisst.

Pour démarrer le printemps nous avons semé des fleurs ensemble avec les enfants. Chacun a eu l'occasion de travailler. D'abord nous avons enfoncé les graines de semence dans la terre, soit avec les mains soit avec la pelle, peu importe. Après on a bien arrosé avec de l'eau. Maintenant il ne nous reste qu'à attendre qu'une belle fleur apparaisse.









Projet Natur on Tour

Den 11. Mäerz hu mir eisen neie Projet an Zesummenaarbecht mat Natur on Tour gestart. Un dësem Projet huele mir mat nach aner Crèchen vun elisabeth deel. Mir hu moies de Bus geholl a sinn op Bettenduerf gefuer. Do ukomm, hu mir de Steekaulexpress geholl a sinn an de Bësch gefuer. Eise Picknick hate mir an eisem Rucksak . Mir hunn eis beienee gesat an eis Schmier a Gedrénks ausgepaakt an eis domat fir de Moie gestäerkt. Mir hunn eis immens ameséiert an de Bësch mat senger Villfalt entdeckt. Dono hu mir nach ganz motivéiert Geméis geschnidden, fir eis eppes ze iessen um Feier ze kachen.

Et wor ee flotte Moien, deen eis gutt gefall huet.

Le 11 mars était le début d'un nouveau projet, en collaboration avec "Natur on tour". Un projet auquel participent encore d'autres crèches de Elisabeth. Le matin on a pris le bus pour aller à Bettendorf. Là on a pris le "Steekaulexpress" qui nous a conduits dans la forêt. Nous nous sommes assis et nous avons pris notre tartine et notre boisson pour prendre de la force pour la journée. Nous nous sommes bien amusés et nous avons découvert la forêt dans toute sa panoplie. Après nous avons coupé des légumes pour le déjeuner préparé sur le feu.

C'était une matinée inoubliable.



Ein Schnittblumenfeld für Bissen: Blumenpracht zum Selbstpflücken

In der Impasse Honswénkel wird eine wunderbare Idee Wirklichkeit: Ein Schnittblumenfeld für die Einwohner von Bissen. Die Gartenbloggerin Joy Horsmans (Instagram: @jm_doheem_am_gaart) hatte schon lange den Wunsch, dass jeder in Bissen seinen eigenen Blumenstrauß für das Zuhause pflücken kann. Letzten Herbst stellte sie diese Idee dem Schöffenrat vor und traf auf begeisterte Zustimmung.

Die zentrale Fläche neben der Fußgängerbrücke zur Rue des Moulins eignet sich hervorragend für das Projekt. Zwar liegt sie im Hochwasserbereich, doch durch eine leichte Bodenauffüllung wurde sie angepasst. Die Gärtner der Gemeinde setzten das Vorhaben um und schufen ein Feld mit 24 Beeten. Die Wege zwischen den Beeten sind mit Hackschnitzeln bedeckt, und ein schöner Staketenzaun umrahmt das Areal.

Zusätzliche Details verleihen dem Schnittblumenfeld eine besondere Note: Kinder aus dem Cycle 1 bemalten farbenfroh Dosen als Schutz für die Zaunpfähle, und bald werden farbige Girlanden und Fähnchen folgen. Eine Sitzbank lädt zum Verweilen ein. Um das Blumenfeld vor unerwünschten Gästen wie Hunden oder Wildtieren zu schützen, werden noch Tore an den Eingängen angebracht.

Blühende Vielfalt von Juni bis in den Spätherbst

Die Aussaat der Blumen erfolgt schrittweise durch Joy Horsmans. Bereits die ersten Samen sind gesät, sodass ab Juni bis in den Spätherbst eine bunte Vielfalt erblüht. Zu den gepflanzten Blumen zählen unter anderem Sonnenblumen, Cosmeen, Zinnien und Wilde Möhre. Auch essbare Blüten sind Teil des Konzepts und können nicht nur für dekorative Zwecke, sondern auch in der Küche verwendet werden. Dazu gehören Kapuzinerkresse, Ringelblumen und Kornblumen. Die jeweiligen Infos findet ihr auf dem Blumenfeld bzw auf der Internetseite www.doheemamgaart.lu (Rubrik: Schnittblumenfeld)

Wie funktioniert das Schnittblumenfeld?

Jedes Beet ist mit einem kleinen Schild versehen, das Auskunft über die jeweilige Blumenart gibt. Zudem wird angezeigt, ob die Blumen bereits gepflückt werden dürfen oder noch wachsen müssen. Die Einwohner werden gebeten, sich an diese Hinweise zu halten, damit das Feld für alle lange erhalten bleibt.

Richtiges Pflücken: So bleibt das Blumenfeld erhalten

- Einzelne Blumen stets am Stielansatz abschneiden.
- Bei vielen Blumenarten fördert regelmäßiges Pflücken eine längere Blütezeit.
- Keine ganzen Büschel herausreißen, da dies das Nachwachsen verhindert.
- Bitte nur die Wege nutzen und nicht über die Beete laufen.

Das Schnittblumenfeld ist ausschließlich für die Einwohner der Gemeinde Bissen gedacht.

Mit diesem Projekt entsteht nicht nur ein blühendes Paradies inmitten von Bissen, sondern auch eine wunderbare Möglichkeit, die Natur zu genießen und nachhaltig Blumen zu pflücken. Ein echtes Herzensprojekt für die Gemeinde!





Neie Park beim Wunngebitt „An der Bléi“

Eng nei gréng Oas fir Biissen

Am Kader vum Projet „Innovation Campus“ gëtt den neie Park tëscht dem Campus an der Cité „An der Bléi“ bal fäerdeg. D'Gemeng Biissen an hir Partner schafen hei eng gemittlech an nohalteg Erhuelungszon, déi am September 2025 offiziell ageweit gëtt.

Wat erwaart lech?

- Natierlech Spillplaze fir Kanner
- Wanderweeër duerch native Bësch
- Roubänken a Picknick-Plaze fir Familljen

Zesumme fir eng méi gréng Zukunft!

Nouveau parc près du quartier « An der Bléi » – Un espace vert pour Bissen

Dans le cadre du développement de l'Innovation Campus, un nouveau parc est en cours d'aménagement entre le campus et la cité « An der Bléi ». Ce projet, porté par la commune de Bissen, offrira dès septembre 2025, date officielle de l'inauguration, un espace de détente vert et durable aux habitants.

À découvrir :

- *Aires de jeux naturelles pour enfants*
- *Sentiers pédestres en lisière de forêt*
- *Zones de pique-nique et bancs ombragés*

Une réalisation commune pour un meilleur cadre de vie.

Neien Drénkwaasser-Bassin zu Biissen: Eng Investitioun an d'Zukunft



D'Gemeng Biissen preparéiert sech drop, en neien, modernen Drénkwaasser-Bassin um Wobierg ze bauen. Dëse Groussprojet wäert d'Waasserversuergung an der Regioun nohalteg verbesseren.

Kapazitéit a Sécherheet

De momentane Bassin mat enger Kapazitéit vun 250 m³ gëtt duerch en neit System mat 1.000 m³ ersat, inklusiv engem Reservoir vu 500 m³. De multifonktionellen "Château d'eau" mat dräi Kompartimenter soll garantéieren, datt déi ronn 3.500 Awunner vu Biissen och an Zukunft sécher a stabil mat qualitativ héichwäertegem Drénkwaasser versuergt kënne ginn.

Chronologie an Investitioun

D'Aarbechte sollen am Summer 2025 ufänken a bis Summer 2027 daueren.

Technesch Virdeeler

- Innovativ Filterung: Speziell Systemer reduzéiere Kallekoflagerungen, wat d'Waasserqualitéit markant verbessert. Och ginn all méiglech Schadstoffer gefiltert.
- Klimasécher: Souguer an extreemen Hëtzewelle bleift d'Versuergung stabil.

Dëse Projet ass eng prioritär Investitioun fir d'Gemeng an zielt zu de gréissten Infrastrukturaarbechten an der Regioun fir déi nächst Joeren.

Nouveau réservoir d'eau potable à Bissen : Un investissement pour l'avenir

La commune de Bissen s'apprête à construire un nouveau réservoir d'eau potable moderne sur le Wobierg. Ce projet ambitieux améliorera durablement l'approvisionnement en eau dans la région.

Capacité et sécurité

L'actuel réservoir d'une capacité de 250 m³ sera remplacé par un nouveau système de 1.000 m³, incluant un stockage tampon de 500 m³. Cette structure multifonctionnelle à trois compartiments garantira un approvisionnement stable et sécurisé en eau potable de haute qualité pour les quelque 3.500 habitants de Bissen.

Calendrier et investissement

Les travaux débuteront en été 2025 pour s'achever en été 2027.

Innovations techniques

- *Filtration avancée: Des systèmes spécifiques réduiront les dépôts calcaires, améliorant significativement la qualité de l'eau. De même tous les éléments nocifs seront évacués.*
- *Résilience climatique: Même lors de vagues de chaleur extrêmes, l'approvisionnement restera stable.*

Ce projet prioritaire pour la commune figurera parmi les plus grands chantiers d'infrastructure de la région dans les années à venir.



Fir Är Sécherheet – Provisoresche Rond-point um Rouscht

D'Haaptkräizung vum Rouscht op d'Nationalstrooss N7, bekannt fir hir héich Accidenterquot, gouf enger grousser Ëmgestaltung ënnerzunn, fir d'Verkéierssécherheet ze verbesseren.

D'Aarbechten hunn de 17. Mäerz 2025 ugefaangen a sinn Enn Abrëll 2025 ofgeschloss ginn. D'N7 soll a puer Joer komplett nei gemaach ginn.

L'intersection principale de Roost sur la route nationale N7, connue pour son risque élevé d'accidents, a fait l'objet d'une transformation majeure pour améliorer la sécurité routière.

Les travaux ont commencé le 17 mars 2025 et se sont achevés fin avril 2025, entraînant des perturbations de circulation pendant cette période. Il est prévu que la route N7 sera complètement rénovée dans les futures années.

Eng Grand-Rue fir jiddereen: Méi Sécherheet, Komfort a Barriärfräiheet

An der sougenannter « Grand-Rue » si wichteg Aarbechte geplangt . Den Ufank vun de Schantjen ass fir de Summer 2025 virgesinn, mat engem Enn am Fréijoer 2026.

Zil an Aart vun den Aarbechten:

- Erneierung vun den Netzer fir d'Kanalisatioun, d'Drénkwaasser an d'éffentlech Beliichtung.
- Komplett Sanéierung vun der Strooss an d'Aféierung vu Moossname fir eng Vitessbegrenzung.
- Neigestaltung vun den Trottoiren an d'Upassung vun de Foussgängerpassagë fir Persoune mat reduzéierter Mobilitéit (PRM).

Dës Aarbechten déngen der Sécherheet, dem Komfort an der Accessibilitéit fir all Benotzer vun der Grand-Rue.

D'Gemeng Biissen wäert lech weider Informatiounen a praktesch Detailer per Bréif an d'Boîte an iwwer digital Kanäl (www.bissen.lu an d'sozial Netzwierker) matdeelen.

Elo schonn ee grousse Merci fir Äert Versteesdemech an Är Zesummenaarbecht wärend der Dauer vum Chantier.

Dans la « Grand-Rue » auront lieu d'importants travaux. Le début des travaux est prévu pour l'été 2025, avec une fin estimée au printemps 2026.

Nature et objectifs des travaux :

Renouvellement des réseaux d'assainissement, d'eau potable et d'éclairage public.

Réfection complète de la voirie, accompagnée de la mise en place de mesures de modération de la vitesse.

Réfection des trottoirs et mise en conformité des passages piétons pour les personnes à mobilité réduite (PMR).

Ces travaux visent à améliorer la sécurité, le confort et l'accessibilité pour tous les usagers de la Grand-Rue.

La commune de Bissen vous tiendra informés des détails pratiques et des éventuelles perturbations par une communication en boîte aux lettres et via les canaux digitaux : www.bissen.lu et les réseaux sociaux.

Nous vous remercions de votre compréhension et de votre collaboration pendant la durée du chantier.



Update - Rehaussement vun der Grondschoul

D'hëlze Struktur vum Rehaussement ass bal fäerdeg a soll bis Mëtt Abrëll 2025 ofgeschloss sinn. Dat heescht, d'Technik-Entreprisë kënnen dann uewe mat den Installatiounen (Elektresch, Heizung, Sanitär) ufänken. Dëst ass e weidere positive Schrëtt am grousse Projet, deen d'Schoulkapazitéit vergréissert an d'Ëmwelt méi nohalteg mécht. D'Gemeng Biissen an all Partner schaffen zesumme fir eng modern an zukunftsfäeg Schoul ze garantéieren.

Nächst Schrëtter:

- Abrëll 2025: Ofschloss vun der Holzaarbecht
- Mee 2025: Ufank vun den Technik-Installatiounen
- 2026: Fäerdegstellung vum ganze Projet (mat neier Entrée an renovéierter Maison Relais)

Rehaussement de l'école fondamentale de Bissen

La structure en bois du rehaussement est presque terminée et devrait être achevée d'ici mi-avril 2025. Cela permettra aux entreprises techniques de commencer les installations électriques, le chauffage et le sanitaire à l'étage supérieur.

Cette finition avancée marque une nouvelle étape clé dans ce projet d'envergure, qui augmentera la capacité de l'école et renforcera sa durabilité. La commune de Bissen et ses partenaires travaillent ensemble pour offrir une infrastructure moderne et adaptée aux besoins futurs.

Prochaines étapes :

- *Avril 2025 : Achèvement des travaux de structure*
- *Mai 2025 : Début des installations techniques*
- *2026 : Finalisation globale (avec nouveau hall d'entrée et rénovation de la maison relais).*

Phase 1

Janvier 2024 – Juin/Juillet 2025

A) Rehausse de l'école primaire

Juillet 2025 – Décembre 2026

B) Mise en conformité
C) Nouvelle entrée

En parallèle / Plantation prévue pour 2026-2027

D) Réaménagement cour de récréation

Phase 2

- Maison Relais réaménagement ancienne aile
- Aire de jeux

Phase 3


- Réaménagement Mairie
- Restaurant et médecine scolaire

Phase 4

- Nouvelle Maison Relais - site « Klenge Mies »
- Extension école site actuel
- Site pour Cycle 1 & Précoce / Site pour Cycle 2- 4 & Maison Relais

Weider Informatiounen / Plus d'informations

www.bissen.lu



Evenementer & Réckbléck

D'Biisser Musek feiert Cäciliendag

23. November 2024

Wou
Biisser Kierch a Wonerbatti
Organisatioun
Biisser Musek



Foto: Kateryna Mostova



Dat ass d'Musek: Véier Generatioune liewen zesummen am Veräin.
Vu lénks no rechts: Leo Viaggi, Claude Schummer, Pierre Geisen, Pol Schummer.
Foto: Sophie Fournel

Den 23. November 2024 huet d'Biisser Musek Cäciliendag gefeiert, d'Patronatsfest vun de Museks- a Gesangveräiner. Sou hunn de Biisser Cäciliechouer an d'Musek d'Virowendmass vum 23. November an der Porkierch musikalesch begleet. D'Musek huet bei der Entrée e Concertsmarche mam Titel « March to Mars » gespillt. Am Laf vun der Mass sinn zwee méi gedroe Wierker gespillt ginn, mat de Soliste Clyde Martiny, Julie Ries a Corinne Stoffel. D'Sortie war « Conquest of Paradise », d'Titelmelodie aus dem Film 1492, komponéiert vum Vangelis.

No der Mass war dat traditionellt Veräinsiessen am Centre Wonerbatti. Hei fannen d'Membere vun der Musek, der Jugendmusek an hir Familljen sech zesumme fir e gesellegen Owend. De Sall war bis op déi lescht Plaz gefëllt an d'Stëmmung war ausgezeechent. Et war e richtege Familljenowend, wou Jonk an Al zesumme gefeiert hunn.

No dem Iesse goufen traditionell d'UGDA Medaile verdeelt.

Dëst Joer goufe geéiert:

- Fir 5 Joer Aktivitéit: Félix Bock, Mil Diederich, Nicolas Hilbert, Lena Huth an Aimée Koch.
- Fir 30 Joer Aktivitéit: Nicolas Alen a John Feith.
- Fir 40 Joer Aktivitéit: Nico Koch.
- Fir 60 Joer Aktivitéit: Norbert Krack.

Den Ofschloss vun den Éierunge war eng ganz rar Medail, an zwar d'Médaille de mérite en vermeil avec palmettes Grand-Duc Adolphe fir 70 Joer Aktivitéit, déi dem Léon Geisen iwwerreecht gouf.

Dëse Medailespigel weist, wat d'Liewen an der Musek ausmécht. Hei liewe véier Generatiounen am Veräin a maachen zesumme Musek.

FC Atert Indoor Cup

13. - 16. Dezember 2024

Wou
Centre Sportif
Organisatioun
FC Jugend Bissen

Fir dës 17. Editioun vum FC Atert Indoor Cup konnte mir genee 50 Equippen an eiser Sportshal begréissen. Iwwer 4 Deeg hunn déi ronn 400 Spiller, vu Bambinis bis Scolaires an och Jeunes Filles, fir vill Spannung a flott Ambiance gesuergt.

Och wann een heiansdo d'Enttäuschung iwwer eng verpasste Golchance oder en onnéidege Géigegol gesinn huet, sou war et awer d'Begeeschterung an d'Freed um Ball, déi dominéiert hunn.

Deene ville fläissegen Hänn, sief et nieft dem Terrain, an der Buvette oder och bei der Tombola, an och eise Sponsoren an Donateuren, e ganz grousse Merci.

Mir freeën eis elo schonn op déi 18. Oplo vun eisem Tournoi, deen de Weekend vum 13/14. Dezember wäert gespillt ginn





KKB KlammKlub Biissen – dynamesch an aktiv

2024 - 2025

Wou
Biissen & aner Plazen

Organisatioun
KKB KlammKlub Biissen


Sortie an de Funny Mountain mam Bouldercours an hire Famillen 1/2


Sortie an de Funny Mountain mam Bouldercours an hire Famillen 2/2


Interclub-Owend mat de sympathesche Klëmmer vun Iechternach 1/2


Chrëscht-Klammen am Klammcours 8-11 Joer


Interclub-Klamme beim KKN zu Nidderaanwen


Interclub-Owend mat de sympathesche Klëmmer vun Iechternach 2/2

4. Editioun vum FunCup organiséiert vum KKB & KKU


Podium Kids Boys


Podium Kids Girls


Podium Teens Boys


Podium Teens Girls


Podium Masters Girls


Podium Masters Boys

Neiegkeete vum Sportveräin Bi-Fit asbl Biissen

Januar - Mäerz 2025

Wou
Biissen
Organisatioun
Bi-Fit asbl





Neijoerschspatt

Wéi schonn déi lescht Joeren hu mer dat neit Joer mat engem klengen Event agelaut. Dat war samschdes, den 11. Januar 2025. Jidder Member, deen am Bi-Fit ageschriwwen ass, krut eng Invitatioun. Fir d'éischt gouf eng Stonn geschweesst, an dat ënnert dem Steffi senger Regie. 55 Leit waren derbäi. Well dofir eise Sall ze kleng ass, krute mer een Deel vun der grousser Sportshal. Dono gouf den Apéro an der Buvette zerwéiert, fir deen och nach eng Partie Memberen nokoumen. Et war ee gesellege Moien an dee gouf ofgeschloss mat der Iwwerreechung vun eisem Kaddo fir eis Memberen: dëst Joer een Duch mat eisem Emblem drop.

Thé dansant

An Zäite vu Stress an Uspanung bedeit Danze Wellness fir Kierper a Séil. Nieft de gesondheetlechen Aspekter, wéi Fitness, Flexibilitéit, Koordinatioun a Gläichgewiicht, bréngt d'Danzen een derzou, datt ee fir eng Zäitche vum Alldag lassloosse kann. Dat erkläert, firwat vill Leit op eisem Thé dansant, den 2. Februar 2025, waren. Bei all Danz, dee vum Orchester Los Amigos ugestëmmt gouf, war d'Danzpist voll. Hoffentlech net just wéinst: "Tanzen ist die schönste Gelegenheit, einander auf die Zehen zu treten." En Zitat vum Walter Ludin, engem Schwäizer Journalist an Auteur.

Generalversammlung

E Freideg, den 28. Mäerz 2025, hat de Bi-Fit op seng uerdentlech Generalversammlung agelueden. Fir d'éischt huet d'Präsidentin Rita Szkolik déi eenzeg Gemengevertriederin, d'Joëlle Fagny, de Sportskoordinator, den Dave Turpel an d'Membere vum Bi-Fit begréisst. Dono huet d'Josiane Kiefer de Réckbléck op déi vergaangen Aktivitéite gemaach. Vum Gaby Marnach koum d'Duerleeë vun de Finanzen, a seng Keess gouf vun de Keesserevisorinnen, dem Claudine Scholler an dem Viviane Heck entlaascht. A senger Ried huet d'Rita eis Villfalt vu Coursen erkläert an duerno och an d'Zukunft gekuckt, wou 3 Datumer erausstiechen: samschdes, de 24. Mee maache mer erëm en Tour an d'Stad, de 14. Juni ass d'Nuit du Sport a samschdes, de 5. Juli ass eist Ofschlossfest. Eise Veräin ass ganz aktiv, souwuel op sportlechem wéi och op sozialem Niveau. Dofir goufe mer och vum Joëlle Fagny ganz häerzlech gelueft. Datt d'Joëlle als eenzeg Gemengevertriederin do war, hu mer schonn enttäuschend fonnt. Dat huet eis awer net dervun ofbruecht, den Owend a geselleger Ronn, bei engem Patt an engem Maufel, auskléngen ze loossen.

BI-FIT asbl
Biissen

Generalversammlung vun der Musek

17. Januar 2025

Wou
Musekssall
Organisatioun
Biisser Musek

De 17. Januar 2025 war déi järlech Generalversammlung vun der Biisser Musek. Wéi schonn d'lescht Joer, gouf d'Generalversammlung musikalesch encadréiert vun dem Jugendensembel vun der Musek ënnert der Direktioun vum Julie Ries. D'Jugendmusek huet dräi Stécker an eng Zugab gespillt, wou déi jonk Musikantinnen a Musikante gewisen hunn, wat fir grouss Fortschrëtter si an dem leschte Joer gemaach hunn. Den éischten Optrëtt vun der nei gegrënnter Jugendmusek war nämlech an der Generalversammlung vum Januar 2024.

Op der Versammlung gouf et déi gewinnten Usprooch vum President, de Finanzbericht vum Keessjee, den Tätegkeetsbericht vum Sekretär an d'Entlaaschtung vum Keessjee a vum Kommitee. Bei der fräier Aussprooch ass de Buergermeeschter David Viaggi op d'Doleancë vum Veräin agaang, déi awer méi am Detail an enger separater Reunioun tëscht Schäfferot a Musekskommitee behandelt wäerte ginn.

Nei an de Kommitee gouf d'Lynn Nothar gewielt. De Musekskommitee setzt sech wéi follegt zesummen : Georges Lucius, President, Loïc Brune, Vize-President, Marc Alen, Keessjee, Claude Schummer, Sekretär extern, Julie Manternach, Sekretärin intern, Lucien Hess, Jeannot Ley a Lynn Nothar, Memberen.

Foto: Jeannot Ley



Liichtmëssdag

2. Februar 2025

Wou
Biissen
Organisatioun
Eltereveräin Biissen

Dëst Joer huet den Eltereveräin fir d'éischte Kéier zu Biissen d'Liichtegoen organiséiert. Am Viraus waren 3 verschidden Tier festgeluecht ginn, an den Undrang war immens grouss. Méi wéi 120 Kanner waren ënnerwee, fir vun Haus zu Haus ze goen an de Leit d'Liicht ze bréngen.

D'Kanner hunn hiert Lidd gesongen an als Belounung lauter lecker Schneekereie kritt. Déi hu si all zesumme gesammelt an dono fair ënnerteneen opgedeelt. Deen een oder aneren Euro war och tëscht de Séissegkeete gelant. Zesumme mat de Kanner an hiren Elteren hu mir entscheet, dës Suen ze spenden. Den Eltereveräin huet de Montant opgeronnt, sou dass 500€ un d'Fondatioun Sarah Grond konnte gespent ginn.

E besonneschen Highlight fir d'Kanner vum Tour 2 war hire Besuch an der Seniorenresidenz am Park. Do goufe si scho vun de Bewunner an deenen zwee Restauranten erwaart. D'Freed op béide Säite war risegrouss. D'Senioren hunn sech immens gefreet, dass souvill Kanner mat hire wonnerschéine Lampione bei si sange koumen. Den Eltereveräin plangt an Zukunft weider Projeten, fir de Kontakt tëscht de Generatiounen ze förderen.



Fettendonneschden

27. Februar 2025

Wou
Duerf & Pompjeesbau
Organisatioun
Eltereveräin Biissen

Um Fettendonneschden sinn d'Kanner zu Biissen heesche gaangen. Wonnerschéi verkleet, si si vun Haus zu Haus schelle gaang an hunn „Hei komme mir gesprongen…" gesongen. Wéi se genuch Schneekegkeete gesammelt haten, koume se an de Pompjeesbau fir sech bei engem gudde Schocki a leckere Fueskichelcher nees opzewiermen.

Den Eltereveräin hat fir Beschäftegung gesuergt a verschidde kreativ Ateliere virbereet. Bei flotter Fuesmusek hunn d'Kanner z.B. Déieremaske gebastelt a Mini-Rassele bemoolt.

Dono gouf et dann nach en Zauber-Spektakel, wou all déi kleng Prinzessinnen, Piraten, Ninjas an Harry Potteren mat groussen An iwwert d'Tricker vum Magier gestaunt hunn. An deen een oder anere vun hinne konnt och selwer op der Bün mat zauberen.



GLÉCK, eng Theatervirstellung vum Grupp Rido Op

9. Februar 2025

Wou
Veräinshaus
Organisatioun
Commission de la Culture de la Commune de Bissen & Cercle Dramatique de Bissen

E Sonndeg, den 9. Februar 2025 hat d'Biisser Kulturkommissioun, an Zesummenaarbecht mat dem Cercle Dramatique vu Biissen, op eng Theatervirstellung an d'Veräinshaus invitéiert. De Grupp Rido op huet d'Stéck «Gléck» presentéiert, e Wierk vum franséische Schréftsteller Éric Assous mat dem Titel «Le Bonheur», dat de René Engel fräi op Lëtzebuergesch iwwersat huet. Gespillt hunn d'Liette an de René Engel.

Et ass d'Geschicht vum Louise, enger Jonggesellin a Kannerbuch Autorin, a vum Alexandre, Besëtzer vun engem bekannte Restaurant, deen an der Scheedung ass an dräi Kanner huet. Si wëllen eng gemeinsam Bezéiung opbauen, wat net sou einfach ass, bedéngt wuel och well si allebéid schonn iwwer fofzeg sinn

An dem Theatersték gëtt erzielt, wéi hir Bezéiung sech iwwer sechs Méint opbaut, vun der éischter Nuecht bis zur Hochzäit op der Gemeng an der Katastrof, wéi den Alexandre an deem Moment, wou hie mat senger neier Fra an d'Flitterwoche wollt fléien, gewuer gëtt, dass seng Ex-Fra e Puppelche vun him erwaart.

Dëst ass de Kader, an deem den Éric Assous d'Thema Gléck a senge verschiddenste Facettë behandelt. Et geet ëm d'Sich no perséinlechem Gléck, wourënner jiddereen eppes Aneschters versteet, ëm d'Probleemer, déi heiduerch entstinn an ëm net ëmmer rational Reaktiounen. Et geet schlussendlech ëm Éierlechkeet a Verheemlechen, ëm Verstoen an ëm Kompromësser. Ënnert dem Deckmantel vun enger Comédie liwwert den Éric Assous eng bäissend Sozialkritik.



Le Bonheur, une représentation de théâtre par le groupe « Rido Op »

Dimanche, le 9 février 2025, la Commission de la Culture de la Commune de Bissen, en collaboration avec le Cercle Dramatique de Bissen, avait invité à une représentation de théâtre dans la salle des fêtes au « Veräinshaus » à Bissen. Le groupe « Rido Op » présentait une œuvre de l'écrivain français Éric Assous avec le titre « Le Bonheur », que René Engel avait traduite librement en langue luxembourgeoise. Les protagonistes sur scène étaient Liette et René Engel.

L'œuvre décrit le rapprochement de Louise, célibataire et autrice de livres pour enfants, et d'Alexandre, propriétaire d'un restaurant renommé, en instance de divorce et père de trois enfants. Ensemble, ils veulent se créer une relation de couple, ce qui s'avère fort compliqué, dû probablement aussi au fait que tous les deux dépassent la cinquantaine.

L'œuvre raconte comment leur relation se développe au fil des premiers six mois, à commencer par la première nuit, jusqu'au mariage à la Commune et à la catastrophe quand Alexandre, qui s'apprête à partir en voyage de noces avec sa nouvelle épouse, apprend que son ex-épouse est enceinte de lui.

Cette histoire de couple en formation donne à Éric Assous le cadre pour développer les multiples facettes du sujet « Bonheur ». Il s'agit de la recherche du bonheur personnel que chacun conçoit d'une autre façon, des problèmes qui en résultent et des réactions qui ne sont pas toujours rationnelles. Finalement, on parle d'honnêteté et de camouflage, de compréhension et de compromis. Sous le couvert d'une comédie, Éric Assous nous livre une acerbe critique sociale.



Buergbrennen zu Biissen 2025

5. Mäerz 2025

Wou
Hannert dem Centre Sportif
Organisatioun
Jugendhaus, Gemeng Biissen & Pétanque Bissen

D'Flame vun der brennender Buerg hunn och dëst Joer erëm d'Häerzer vun de Biisser gewiermt. Am Kader vun dëser aler lëtzebuergescher Traditioun hu sech ganz vill Awunner vu Biissen op Klengbousbierg (hannert der Sporthal) versammelt, fir zesummen de Wanter symbolesch ze verbrennen an d'Fréijoer ze begréissen.

Organiséiert vum Pétanque Club Biissen, zesumme mam Jugendhaus Biissen an der Gemeng Biissen, war den Event e klengen Highlight am lokale Kalenner. Bei Fakelen a mat Grillwurschten a waarmer Zopp huet déi gemittlech Atmosphär gewisen, datt d'Buergbrennentraditioun an der Gemeng Biissen lieweg ass.

E grousse Merci un all den Hëllefen a Participanten, déi dëse Succès méiglech gemaach hunn:

- De Fräiwëllege Pompjeeë fir d'Sécherheet.
- De Memberen aus dem Jugendhaus, déi beim Opbau vun der Buerg gehollef hunn.
- Der Gemeng Biissen fir d'Logistik an Ënnerstëtzung.









Grouss Botz zu Biissen

15. Mäerz 2025

Wou
Biissen
Organisatioun
Gemeng Biissen

D'Ëmweltkommissioun vu Biissen kann op ee ganz besonneschen Dag houfreg sinn: De 15. Mäerz 2025 hunn eng ronn 70 engagéiert Leit – dorënner vill Kanner a Jugendlecher – zesumme gehollef, fir d'Gemeng vum Knascht ze befreien. Dëst Joer war d'«Grouss Botz» net nëmmen eng Botzaktioun, mee och e schéine Beweis vu Solidaritéit ënnert de Biisser Awunner.

Vum Getraisch bis an d'Parken an d'Natuzone goufe sämtlech Ecke vun der Gemeng ënner d'Lupp geholl. Besonnesch erfrëschend war den Enthusiasmus vun de Kanner, déi als kleng "Ëmwelt-Engelen an Händschen" mat Begeeschterung dobäi waren. Si hunn net nëmme matgeholl, mee och d'Wichtegkeet vum Ëmweltschutz praktesch geléiert.

E grousse Merci gehéiert dem **Service Technique** an de **Pompjeeë vu Biissen**, déi net nëmmen hir Hal als Sammelplaz zur Verfügung gestallt hunn, mee och bei speziellen Aufgaben, wéi d'Organiséiere vun engem Patt an Ierzebulli gehollef hunn. Dës kollektiv Efforte maachen de Succès vun esou engem Event méiglech.

Ëmweltwoch zu Biissen a Colmar-Bierg

Mäerz 2025

Wou
Biissen & Colmar-Bierg
Organisatioun
D'Ëmweltkommissioune vun de Gemenge Biissen a Colmar-Bierg

Eng Initiativ fir méi Nohaltegkeet

D'Ëmweltkommissioune vun de Gemenge Biissen a Colmar-Bierg hunn dëst Joer eng gemeinsam Ëmweltwoch organiséiert, fir d'Bewosstsinn fir ökologesch Themen ze stäerken. Mat enger Rëtsch vu spannenden Aktivitéite goufen d'Theemen Offall, Waasser an Energie behandelt.

Programm vun der Ëmweltwoch

20. Mäerz – Thema: Offall & Recycling

Plaz: Colmar-Bierg

Partner: SDK (Syndicat des déchets) a SIDEC

Aktiounen:
- Informatiounsstänn iwwer korrekt Recycling.
- Workshop fir Kompostéieren an Offallverwäertung.

22. Mäerz – Thema: Waasser (Internationale Waasserdag)

Plaz: Waasserbaach bei Sëll

Partner: DEA (Drénkwaassersyndikat) a Waasserhaus Réiden

Aktiounen:
- Visite bei de Quellen an Infrastrukture vun der DEA.
- Diskussioun iwwer Waasserschutz an nohalteg Bewäertung.

26. Mäerz – Thema: Energie

Plaz: Biissen

Partner: Klima-Agence

Aktiounen:
- Info-Owend iwwer Photovoltaïk an Elektromobilitéit.
- Aktuell Subside fir Sonnenenergie an E-Autos.

D'Ëmweltwoch huet bewisen, datt gemeinsam Initiativen aus der Communautéit kënnen inspiréieren, méi bewosst Nohaltegkeets-Entscheedungen ze huelen.

E grousse Merci un all Participanten, Partner an d'Ëmweltkommissiounen, fir dës gelongen Organisatioun!







Galaconcert vun der Biisser Musek

29. Mäerz 2025

Wou
Hal Frounert, Biissen
Organisatioun
Fanfare Bissen

E Samschdeg, den 29. Mäerz, war de Galaconcert vun der Biisser Musek, dat grousst Evenement, dat d'Musikantinnen an d'Musikanten all Joer, zesumme mat hirem Dirigent, vum Hierscht u virbereeden. Och dëst Joer ware ganz vill Leit op de Concert komm an d'Hal Frounert war bis op déi lescht Plaz besat.

Ugefaang huet de Concert mat dem Optrëtt vun der Jugendmusek mat senger Dirigentin, dem Julie Ries. Dëst war den zweeten Optrëtt vun der Jugendmusek bei engem Galaconcert vun der Musek. Mat dräi Stécker an enger Zugab hunn déi jonk Musikantinnen a Musikante gewisen, wéi staark si de musikaleschen Niveau bannen nëmmen engem Joer konnte steigeren.

Uschléissend koum de Concert vun dem groussen Orchester ënnert der Leedung vum Christophe Terver, dem Dirigent vun der Biisser Musek. D'Thema vum Concert war dëst Joer « Dausend an eng Nuecht » mat Wierker, déi den Orient beschreiwen, Perséinlechkeeten, Soen, d'Sahara an d'Caravannen déi duerch den onendleche Sand zéien. D'Haaptstéck vum Concert war den éischte Saz vu« Sheherazade », eng musikalesch Dichtung vum Nicolaï Rimski-Korsakov. Dëst Wierk war eng grouss Erausfuerderung virun Allem fir d'Solo-Klarinetten, mee och fir de ganze Klarinette Regëster, d'Flütten an d'Saxophonen, wärend verschidden aner Regëstere laang Pausen hu missen zielen, fir da mat theatraleschen Asätz präzis Accenter ze setzen.

Ganz speziell bei dësem Concert waren zwee Solo Stécker fir Cello, begleet vun der Musek. Den Cello gouf gespillt vun der jonker Biisser Musikantin Sophie Koch. Et war dem Sophie säin éischten Optrëtt als Solistin virun engem voll besate Sall beim Galaconcert, eng grouss Erausfuerderung, déi hatt mat Bravour gemeeschtert huet. D'Sophie huet seng Soloe mat Rou a vill musikalescher Sensibilitéit perfekt virgedroen.

Wéi an de vergaangene Joren huet d'Corinne Stoffel gekonnt a gutt dokumentéiert déi verschidde Concertsstécker virgestallt. Zousätzlech goufen d'Nimm vun de Stécker, déi grad gespillt goufen, op dem grousse Schierm gewisen, mat enger Diashow vum Christophe Terver a Clyde Martiny.

A senger Ried huet de President Georges Lucius d'Brochure »125 Joer Biisser Musek » virgestallt, déi fiederféierend vum Claude Schummer zesummegestallt a redigéiert gouf. D'Brochure kann ee bestellen duerch Iwwerweisung vun 30 Euro op de Kont Nr. LU14 0019 3400 0033 9000 Fanfare Bissen bei der Spuerkeess oder per Mail op secretaire@fanfarebissen.lu.

De Galaconcert vun der Musek war e grousse Succès. D'Jugendmusek an de groussen Orchester hu mat hire Leeschtungen iwwerzeegt. D'Aktivitéite vun der Musek am Joreskrees ginn awer weider a gläich nom Galaconcert hunn d'Prouwen ugefaange fir de Summerprogramm.

Foto: Jeannot Ley





Ouschteren an Eeërfierwen

1. Abrëll 2025

Wou
Gemengenatelier
Organisatioun
Jugend- a Sportskommissioun & Jugendpompjeeën

Ronn 100 Kanner aus de Cyclen 2, 3 a 4 hunn dëst Joer mat vill Freed um Eeërfierwen-Atelier deelgeholl, dee vun der Jugend- a Sportskommissioun an Zesummenaarbecht mat de Jugendpompjeeën organiséiert gouf. Duerch hir Kreativitéit verschéineren elo vill faarweg Eeër eisen Duerfkär an der Ouschterzäit.

E grousse Merci geet och un eis Gemengenaarbechter fir déi flott an engagéiert Duerfdekoratioun.

Tournoi Volley Loisirs : un succès sportif et convivial !

5. Abrëll 2025

Wou
Centre Sportif
Organisatioun
VC Bissenn

Le tournoi de volley-ball loisirs qui s'est déroulé samedi, le 5 avril 2025 au hall omnisports à Bissen a une fois de plus rassemblé de nombreux passionnés. Cette édition a réuni douze équipes dans une ambiance chaleureuse et sportive. Même si l'ambiance est avant tout loisir, et que ce tournoi est sans enjeu, il n'en reste pas moins performant. Les équipes se sont affrontées avec dynamisme et fair-play dans des matchs serrés et captivants. Comme nous avons souhaité de donner une empreinte écologique à cet Événement, notre tournoi s'est déroulé sous le logo « Green Events » afin de donner un caractère durable à cet événement. Le rendez-vous s'affirme comme un événement incontournable pour les amateurs de volley-ball. A une prochaine édition en 2026!



Happy Birthday un eis méi eeler Biisser !

D'Gemeng Biissen gratuléiert eisen eelere Gebuertsdagskanner! Nom Prinzip 80 Joer, 85 Joer, 90 Joer an dann no all Joer (91, 92, etc.) kréien eis Biisser häerzlech vum Schäfferot gratuléiert!

Schwartz Bernard *dit* Mill	80
Welter Marguerite Josette	80
Engel Marguerite Jeanne	85
Leisen Marie	85
Schaack Michel	85
Schroeder Léon	85



SAVE THE DATE !

Mee

Jugendtournoi
28. – 29. Mee 2025

SPORT

Wou — Sportshal
Org. — FC Jugend



Bis'Art
14. -16. Juni 2025

FEST

Wou — Wonerbatti
Org. — Kulturkommissioun, Gemeng Biissen

Kiermesbar
15. Juni 2025

FEST

Wou — Place de l'Attert
Org. — FC Jugend Biissen

Kiermes-Apéro & K.-Ham
16. Juni 2025

FEST

Wou — Frounert
Org. — FC Jugend Biissen



Tournoi
20. Juni 2025

SPORT

Wou — Sportshal
Org. — FC Atert Bissen

Härläichendag
21. Juni 2025

CULTE

Wou — Kierch
Org. — Par Äischdall-Helpert St-Willibrord

Te Deum/Volleksfest
22. Juni 2025

CULTE / FEST

Wou — Frounert, Hal Frounert
Org. — Gemeng Biissen

Bis'Trail 2025
27. Juni 2025

SPORT

Wou — Sportshal
Org. — Gemeng, DT, TC & Jugendhaus Biissen

Éischtkommiounsfeier
28. Juni 2025

Wou – Kierch
Org. — Par Äischdall-Helpert St-Willibrord

Juni

Mammendagsfeier
1. Juni 2025

FEST

Wou — Frounert
Org. — Blummeveräin

Coupe Scolaire
7. Juni 2025

FEST

Wou — Gemengenatelier
Org. — Eltereveräin

Hämmelsmarsch
13. – 14. Juni 2025

TRADITIOUN

Wou — Rouscht a Biissen
Org. — Fanfare

Nuit du Sport
14. Juni 2025

SPORT

Wou — Sportshal
Org. — Gemeng Biissen

Juli

Ofschlossfest
5. Juli 2025

SPORT

Wou — Sportshal
Org. — Bi-Fit

BisScène
5. Juli 2025

CONCERT

Wou — Frounert
Org. — Eventkommissioun

Diakonwei vum Patrick Schmit
12. Juli 2025

Wou – Kierch
Org. — Par Äischdall-Helpert St-Willibrord

E-Sport Event
10-12. Juli 2025

E-SPORT

Wou — Sportshal
Org. — FC Atert Bissen

Schoulfest
14. Juli 2025

Wou – Frounert
Org. Eltereveräin Biissen



Coupe FC Atert
30.-31. Juli 2025

SPORT

Wou — Sportshal
Org. — FC Atert Bissen

August

Häre Equippen Tournoi
1. August 2025

SPORT

Wou — Sportshal
Org. — FC Atert Bissen

Coupe FC Atert
2. August 2025

SPORT

Wou — Sportshal
Org. — FC Atert Bissen

Floumaart
3. August 2025

DIVERS

Wou — Frounert
Org. — Cercle Dramatique

Liichterprëssessioun
14. August 2025

CULTE

Wou — Kapell
Org. — Par Äischdall-Helpert St-Willibrord Kapell

September

Firmen Cup
12. September 2025

SPORT

Wou — Sportshal
Org. — FC Atert Bissen

Just4 Fun Cup 2025
13. September 2025

SPORT

Wou — Beachvolley
Org. — VC Bissen



Porte Ouverte
20. September 2025

SPORT

Wou — Sportshal
Org. — VC Bissen

100 Joer Feier
14. September 2025

FEST

Wou — Wonerbatti
Org. — Blummeveräin

Europäesch Mobilitéitswoch
16.-22. September 2025

OFFICIEL

Wou — Biissen
Org. — Gemeng Biissen



Kéisowend
20. September 2025

OFFICIEL

Wou — Wonerbatti
Org. — AGEP

Marche gourmande
21. September 2025

FEST


Wou — Biissen
Org. — Fanfare Biissen


BisArt 2025
Thème 2025: Future Art
Future Art
commission de la culture
Gemeng Biissen
juin 2025
Centre Wonerbatti / Bissen
INFOS & INSCRIPTIONS ARTISTES
www.bisart.lu
Date butoire pour s'inscrire: 1. mars 2025


NUIT DU SPORT 2025
16. EDITIOUN
MAACH MAT A PROBÉIER AUS!
14/06 2025
Sportshal Bissen
GRATIS ENTRÉE
MÉI INFOEN OP
NUITDUSPORT.LU
@nuitdusport.lu
@nuitdusport
OP INITIATIV VUM
Service national de la jeunesse
LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports
AM KADER VUN
#LËTZEBUERGLIEFTSPORT


13. - 16. Juni
BIISSER KIERMES
Gemeng Biissen
Freides
13. JUNI 2025
Kiermesspiller
16h00 - 22h00
Un der Atert
BisArt
18h00 - 20h00
Am Wonerbatti
Hämmelsmarsch
Ronderëm Duerf
Samschdes
14. JUNI 2025
Kiermesspiller
13h00 - 22h00
Un der Atert
BisArt
15h00 - 20h00
Am Wonerbatti
Hämmelsmarsch
Am Duerf
Kiermesbar
16h00 - 22h00
Hal Frounert
Sonndes
15. JUNI 2025
Kiermesspiller
13h00 - 22h00
Un der Atert
BisArt
14h00 - 18h00
Am Wonerbatti
Kiermesbar & BBQ
13h00 - 22h00
Hal Frounert
Méindes
16. JUNI 2025
Kiermesspiller
16h00 - 22h00
Un der Atert
BisArt
14h00 - 18h00
Am Wonerbatti
Kiermeshaam
11h00 - 17h00
Hal Frounert
Kiermesmaart
07h00 - 14h00
Hal Frounert
Kiermesspiller
vum 13.06 bis den 22.06
www.bissen.lu/kiermes/


lalux
BIS' TRAIL 25
27.06
COMPLEXE SPORTIF
BISSEN
19H00
21 RUN KM
7 RUN KM
7 WALK KM
COURSES ENFANTS
500M - 1KM - 2KM
INSCRIPTIONS & INFOS - BISTRAIL.LU
ORGANISÉ PAR
AVEC LE SOUTIEN DE
lalux ASSURANCES
IMMO NORD
Päiperléck
LUX ENERGIE
AUTOGLAS LUXEMBURG


BisScène 2025
FROUNERT
BISSEN
05.07.2025
GOLF
POP & ROCK
ESANCY, MARS APPROCHE,
HEAVY PATROL, FALLEN LIES
Event Kommissioun
Gemeng Biissen


ELTEREVERÄIN BIISSEN INVITÉIERT OP:
SCHOULFEST 25
FROUNERT - BIISSEN
CONCERT MAM NIKKI NINJA
GRATIS ENTREE
FOOD& DRINKS*
*SOFT & COCKTAILS
14TH JULY 25 - 16H
CONCERT @16H45
NIKKI NINJA
& AfroBeathoven
D'KANNER STINN ËNNERT DER RESPONSABILITÉIT VUN DEN ELTERE



Foyer
HOFFMANN & SCHWARTZ
Agence Principale d'Assurances

MARCHE GOURMANDE

Sonndeg, den 21. September 2025

Menü

Kaffi a Croissant
Aperitif an Amuse-Bouche
Entrée
Sorbet
Haaptplat
Kéisplateau
Digestif a Knippercher
Dessert a Kaffi

Nom Succès vun de leschte Joren ass d'Biisser Musek frou, Iech op déi **véierzéngt Editioun** vun hirer Marche Gourmande ze invitéieren.
De gastronomesche Parcours féiert Iech duerch d'Biisser Duerf, duerch déi gréng Bëscher an iwwer d'Hiwwele mat de schéinsten Aussiichten.
Fir un eiser Marche Gourmande deelzehuelen, kënnt Dir Iech ab dem **15. Mee** online oder iwwer Telefon umellen. Méi Informatioune fannt Dir dann op: www.fanfarebissen.lu

BIISSER MUSEK

St. Willibrord Aischdall-Helpert

Umeldung fir d'Katechees 2025-2026

INSCRIPTION POUR LA CATÉCHÈSE 2025-2026

DIR KËNNT ÄR KANNER BEI EIS FIR D'KATECHEES AM SCHOULJOER 2025-2026 UMELLEN, AN ZWAR BIS DEN 30. SEPTEMBER 2025

SINN ÄR KANNER DËST JOER SCHON AN DER PARKATECHEES UGEMELLT, DA BESTÄTEGT EIS DAT W.E.G. PER EMAIL.

VOUS POUVEZ INSCRIRE VOS ENFANTS À LA CATÉCHÈSE POUR LA PROCHAINE ANNÉE SCOLAIRE 2025-2026 JUSQU'AU 30 SEPTEMBRE 2025.

AU CAS SI VOS ENFANTS ONT DÉJÀ FRÉQUENTÉ LA CATÉCHÈSE PAROISSIALE CETTE ANNÉE SCOLAIRE, VEUILLEZ CONFIRMER S.V.P. PAR COURRIEL L'INSCRIPTION.

Eis Katecheesen / Nos catéchèses

CATE BAMBINI: FIR D'KANNER VUN 0-6 JOER
POUR LES ENFANTS DE 0-6 ANS

CATE 1: AFÉIRUNGSJOER
ANNÉE D'INITATION

CATE 2: 2. & 3. JOER KATECHEES
2E & 3E ANNÉE CATÉCHÉTIQUE

CATE 3: 4. & 5. JOER KATECHEES
4E & 5E ANNÉE CATÉCHÈTIQUE

CATE 4: FIR D'JUGENDLECHER AB DEM LYCÉE
POUR LES JEUNES À PARTIR DU LYCÉE

CATE KO: FIR D'KANNER, DÉI D'KOMMIOUN MAACHEN AN AM 3.JOER VUN DER KATECHEES SINN
LES ENFANTS QUI FERONT LEUR COMMUNION DANS LEUR 3IÈME ANNÉE DE CATÉCHÈSE [illegible]

TEL: 621 966 429 EMAIL: AISCHDALL-HELPERT@CATHOL.LU



KENN DENG GEMENG

NATUR BEWEEGUNG ENTWÉCKLUNG

Gemeng Biissen

SAVE THE DATE: 2.-9.09.

Save the date – die 4. Edition von „Kenn deng Gemeng" Bissen findet vom 2. bis 5. September 2025 statt.

Teilnahmeberechtigt sind alle Schüler:innen der 4., 5. und 6. Klasse der Grundschule Bissen. Die offiziellen Flyer zur Anmeldung werden im Mai in den Grundschulklassen verteilt. Bei Fragen oder Interesse können Sie sich aber gerne bei David Turpel, (Sportkoordinator der Gemeinde Bissen) melden.

David Turpel
Telefon: +352 83 50 03 - 534
E-mail: david.turpel@bissen.lu



„Kenn deng Gemeng" :

Kinder entdecken die Gemeinde Bissen im Rahmen eines innovativen Wanderprojektes

Anfang September 2024 brach eine abenteuerlustige Gruppe von acht Kindern zu einer spannenden Entdeckungsreise durch die Gemeinde Bissen auf. Die dritte Edition von „Kenn deng Gemeng" in Bissen stand auf dem Programm – und die jungen Teilnehmenden erlebten dabei vier abenteuerreiche Tage und drei Nächte voller Natur und neuen Erfahrungen. Ausgestattet mit Karte und Kompass erkundeten sie die Umgebung zu Fuß und legten dabei über 30 Kilometer zurück – eine echte Herausforderung für die jungen Entdecker:innen!

Die Kinder übernachteten währen der Tour im Zelt und versorgten sich selbst – gekocht wurde draußen unter freiem Himmel. Dabei packte jedes Gruppenmitglied mit an: sei es beim Aufbau des Lagers, bei der Essenszubereitung oder bei der Tagesplanung. Die Mischung aus Naturerlebnis, Abenteuer und echtem Teamwork verlieh dem Projekt seinen unverwechselbaren, erlebnisreichen Charakter – und sorgte für viele unvergessliche Momente.

Einige Stationen möchten wir an dieser Stelle gesondert hervorheben:

Ein Highlight war der **Besuch bei ArcelorMittal** in Bissen, in den Räumlichkeiten der alten Nagelfabrik. Hier erhielten die Kinder eine spannende Führung durch die Produktionsstätte und lernten, wie heute moderne Technik und industrielle Geschichte aufeinandertreffen. Die beeindruckenden Maschinen und die praktische Nähe zum Werkgeschehen hinterließen bleibenden Eindruck – ein Ort, den man im Alltag so nicht erlebt.

Eine weitere berührende Station war der **Besuch in der Seniorenresidenz „Am Park"**. Dort trafen die Kinder auf die älteren Bewohner:innen und verbrachten einen unterhaltsamen Nachmittag mit **gemeinsamen Pfannkuchen backen, Bingo spielen und spontaner Musik**. Die generationenübergreifende Begegnung war geprägt von Neugier, Respekt und einer großen Portion Freude auf beiden Seiten.

Darüber hinaus gab es noch weitere spannende Stationen, die aus Platzgründen nicht im Detail erläutert werden können. Dazu zählten unter anderem eine **Einführung in die Permakultur-Gärtnerei durch Legumina, eine historische Fotorallye durch Bissen sowie ein Besuch des Waldfriedhofs gemeinsam mit dem Förster Serge Reinhardt** – drei besondere Momente, die den Kindern neue Perspektiven auf Nachhaltigkeit, Geschichte und Trauerbewältigung eröffneten. Am letzten Tag des Projektes teilten die Kinder während eine Fotovorstellung ihre Erfahrungen mit ihrer Familie, damit auch diese sehen konnten, was es alles in der Gemeinde zu erleben gibt.

Ein herzliches Dankeschön allen **Partnerinstitutionen und Freiwilligen**, die ihre Zeit und Ressourcen zur Verfügung gestellt haben, sowie den **Eltern** für das entgegengebrachte Vertrauen. Das Projekt basiert auf einer Partnerschaft zwischen der **Gemeinde Bissen** und **Natur · Beweegung · Entwécklung** (www.nbe.lu), welche das Konzept entwickelt haben und für die Umsetzung zusammen mit dem Service des Sports verantwortlich sind.

Mit großer Vorfreude blicken wir schon jetzt auf die nächste Ausgabe!









Reportagen & Interviews

WWW.BISSEN.TV







De Frounert vun 1970 bis haut

De Frounert an de 70er Joren

An der Editioun vum Klautjen vum Dezember 2024 hu mir eis drun erënnert, wéi de Frounert fréier ausgesinn huet, d.h. virun de verschiddenen Ausbaustufen, mat deenen d'Gemeng op d'Contrainte reagéiert huet, déi duerch de stännege Wuesstum vun eiser Uertschaft entstane sinn. Den Artikel vum Dezember hält op mat dem Joer 1970. Deemools waren am Frounert, ausser enger Spillplaz, nëmme Wisen. De Wonerbatti (Jean-Baptiste Hahn) huet a sengem Atelier geschafft an d'Famill Wolter-Gloesener huet hire Bauerebetrib an dem Haff "A Sténges" gefouert. Vun der Plaz bei der Atert aus ass e Piedchen, « de Frounert » genannt, duerch d'Allee mat de Lannebeem, laanscht Wisen a Gäert, erop bei de « Schmëttnerwee » (rue des Forges) gaangen. Dat war et.

Vun 1970 un huet d'Neelfabrik massiv ausgebaut. 1971 sinn déi éischt Maschinnen an dem neie Steelcord Wierk vun der Goodyear bei der Rouschter Strooss a Betrib gaangen. Duerch d'Entwécklung vun den industriellen Aktivitéiten zu Biissen, mee och duerch de stännegen Ausbau vun der Goodyear zu Colmer, hunn ëmmer méi Leit sech zu Biissen niddergelooss, en Haus gebaut an eng Famill gegrënnt. Et war den Ufank vun enger Period vu Wuesstum, déi haut, 55 Joer méi spéit, nach ëmmer unhält. Dat ass ganz sécher eng positiv Entwécklung, schaaft awer och Besoinen a Contrainten, déi eng Upassung vun den Infrastrukturen erfuerderen. Wat d'Sozial- an d'Veräinsliewe betrëfft, sinn am Frounert no an no nei Strukturen entstanen.

Déi éischt Joren ass awer nach net vill geschitt. 1976 huet d'Gemeng mat der Famill Wolter-Gloesener verschidde Parzellen um Rouscht getosch géint de sougenannte « Sténgespesch » am Frounert. Si keeft och d'Haus Félix Hausemer-Hahn mat Dependenzien, wou spéider de Centre Wonerbatti entstanen ass. Deemools ass dru geduecht ginn, hei en drëtt Schoulgebai, nieft Spillschoul a Primärschoul, ze bauen. Dee Projet gouf spéider fale gelooss an et gouf du geplangt, eventuell hei eng Sportshal ze bauen. De Probleem vun der Schoul gouf an deem Sënn geléist, dass dräi zousätzlech Klassesäll am Keller vun der neier Spillschoul ageriicht goufen. Déi ugeduechte Sportshal gouf op Bousbierg an net an de Wonerbatti gebaut. Am Frounert ass bis op Weideres näischt geschitt.

Tennisfeld

1983 ass de Biisser Tennisclub gegrënnt ginn an d'Gemeng huet dem neie Club en Tennisfeld am Frounert gebaut, ongeféier do, wou haut de Sprangbuer steet. De Buedembelag vum Tennisfeld war einfache schwaarze Makadamm. D'Tennisfeld konnt ab Mee 1984 benotzt ginn. Déi provisoresch Léisung am Frounert blouf bestoe bis 1991, wou den Tennisclub op Bousbierg zwee Felder mat syntheeteschem Wues krut an 1995 e Clubhaus, dat de Veräin sech mam Foussballclub gedeelt huet.

Gemengenatelier

Duerch de Wuesstum vun der Uertschaft koumen op d'Gemengenaarbechter – deemools ass nach net vum service technique geschwat ginn – ëmmer méi Aufgaben zou an et gouf Plaz gebraucht fir d'Maschinnen an d'Material ofzestellen. Am Hierscht 1986 huet den Entrepreneur Camille Petry am Frounert mat dem Bau vun enger Maschinnen- a Lagerhal ugefaangen. 1989 krut d'Gebai och eng Fassad. De Gemengenatelier, wéi en du scho genannt gouf, war dat éischt grousst Gebai, dat am Frounert gebaut gouf.

Viraussetzunge fir den éischten Ausbau vum Frounert

Den 19. Dezember 1990 geneemegt de Gemengerot en Devis vun 8,5 Millioune Frang fir d'Neigestaltung vum Frounert. Virgesi waren eng Spillplaz, de Reamenagement vun der Kiermesplaz, e Sprangbuer an Hecken a Gréngflächen.

Zwee Joer méi spéit, den 18. Dezember 1992, huet de Gemengerot de Kafvertrag mat der Famill Wolter-Gloesener fir de Bauerenhaff « A Sténges » geneemegt. Den Terrain war 82,51 Ar grouss an de Kafpräis war 14,6 Millioune Frang. Déi grouss Wiss beim Haff, de sougenannte Sténgespesch, huet der Gemeng schonn zënter 1976 gehéiert, wéi mir gesinn hunn. D'Ställ an d'Scheiere vum Haff goufen ofgerappt. D'Wunnhaus, dat aus dem Joer 1750 staamt, blouf bestoen an et ass no enger Verwendung gesicht ginn. An der éischter Approche gouf dru geduecht, hei Lokaler fir Duerfveräiner ze amenagéieren oder Openthaltsraim fir den Drëtten Alter.

Éischten Ausbau vum Frounert

Domat hate mir Enn 1992 folgend Situatioun: de Gemengenatelier war a Betrib an d'Gemeng war Proprietär vum Haff «A Sténges» a vum Komplex Wonerbatti. D'Viraussetzunge waren elo do fir den Ausbau vum Frounert, an d'Aarbechte fir d'Neigestaltung, déi de Gemengerot schonn 1990 geneemegt hat, konnten ufänken. Bei dem Gemengenatelier gouf eng gréisser Plaz amenagéiert mat festem Buedembelag. Et gouf souguer eng Aart klengen Amphitheater gebaut mat e puer Gradinen aus Bëtong an e ronne, méi héije Plateau, op deem Härläichendag d'Mass am Fräie gehale gouf. Och de Sprangbuer, deen haut nach do steet, ass an där Zäit gebaut ginn.

1994 huet de Gemengerot decidéiert, dass de Piedchen erop an de Schmëttnerwee en neie Belag mat Formsteng aus Bëtong kréie sollt.

Ofschléissend ass 1996 entscheet ginn, eng nei Spillplaz am Frounert ze baue fir 750.000 Frang. Domat gëtt den éischten Ausbau vum Frounert ofgeschloss. Mat dem Haus «A Sténges» a mat dem Komplex Wonerbatti ass awer nach näischt geschitt.

Festzelt

D'Problematik vun enger Hal fir d'Aktivitéite vun de Veräiner, huet sech an dëse Joren zougespëtzt. Dës Aktivitéite ware prinzipiell an der Halle polyvalente an der Sportshal, mee déi war nëmme bedéngt gëeegent. Si war relativ kleng an de Plaffong war ze niddreg. Bei gréisseren Organisatioune sinn d'Veräiner ausgewach an d'Sportshal selwer, z.B. fir de Kleeschen ze empfänken oder fir de Galaconcert vun der Musek. Dat huet zu enger ëmmer méi grousser Oppositioun vun de Sportsveräiner gefouert, déi d'Hal dacks bis eng ganz Woch net zur Verfügung haten. Si hu missen hiert Material eraushuelen an duerno nees eraplënneren. Hir Trainingsprogrammer koumen duercherneen, an et gouf Probleemer bei de Championnater. Och d'Schoule konnte wärend där Zäit keen Turnen halen. D'Fuerderung ass ëmmer méi staark ginn, dass d'Sportshal fir Sportsaktivitéite reservéiert bleift a fir soss näischt. Zousätzlech koum vun de Veräiner allgemeng d'Fuerderung, eng Infrastruktur ze kréien, wou e grousse Bal oder anert Event kéint organiséiert ginn. Et ass also eng Hal gebraucht ginn, déi awer kuerzfristeg net ze realiséiere war.

Fir de Veräiner entgéint ze kommen, huet d'Gemeng ab circa 1998/99, dat geneet Joer konnt net festgestallt ginn, wärend de Summerméint ee Festzelt am Frounert opriichte gelooss, wou d'Veräiner hir Baler a Summerfester organiséiere konnten. Och aner gréisser Organisatiounen, wéi z.B. d'Volleksfest nom Te Deum um Virowend vun Nationalfeierdag, waren am Festzelt. Et war eng provisoresch Léisung, déi awer eng gutt 10 Joer gehalen huet. D'Firma Ameco huet zwee komplett ageriichte Containere mat Kichen a Spull zur Verfügung gestallt an den Depositär huet d'Zapanlag an d'Frigoe geliwwert. Et war alles bësse provisoresch, mee et goung duer, fir z.B. e Summerfest ze organiséieren, mat Iessen a Gedrénks.

Um Wee fir de weideren Ausbau

Déi spéider Léisung war den Ëmbau vum Gemengenatelier zu enger Festhal, mee heifir huet virdrun en Ersatz misse fonnt gi fir d'Servicer vun der Gemeng, déi an dem Atelier waren. Dat féiert eis zu dem Atelier Kasel am Gruef. 1998 huet de Gemengerot de Kafakt fir den Atelier Kasel geneemegt. An dem Budget 1999 stoung och e Kredit fir Aarbechten an dem Komplex « A Sténges ».

En allgemenge Probleem, net eleng am Frounert, mee an dem ganze Quartier bei der Atertbréck, war d'Héichwaasser. Hei goufen zwee Punkten identifizéiert, déi de Waasserfloss bei Héichwaasser bremsen an zwar de Pilier an der Mëtt vun der Bréck an de Café « Um Gréngen Eck », wou d'Enn vum Sall an de Kapp vun der Keelebunn am Atertbett stoungen. Den 18.5.1999 huet d'Gemeng de Café « Um Gréngen Eck » kaaft.

Bei de Wale vun 2000 gëtt de Gemengerot nei besat an de Schäfferot huet a senger Erklärung ënnert anerem d'Renovéierung vum Wonerbatti, vum Atelier Kasel a vum Sténgeshaus ernimmt. Et gouf awer nach näischt gesot zu der Hal am Frounert. Den 19.10.2000 decidéiert de Gemengerot, d'Haus Wonerbatti ëmzebaue fir d'Leit vum Drëtten Alter. En avant-projet fir dës Aarbechte gouf ugeholl.



1



2

Déi nei Bréck iwwer d'Atert

Den nächste grousse Projet war d'Ersetze vun der Atertbréck, ënnert anerem wéinst der ernimmter Héichwaasserprobleematik. Déi nei Bréck sollt kee Pilier an der Mëtt kréien. Den 22.12.2000 huet d'Bauteministesch Erna Hennicot-Schoepges den Accord ginn, fir déi nei Bréck ze bauen. De geschätzte Käschtepunkt war 34 Millioune Frang, deen integral vum Stat gedroe gouf. D'Aarbechten hunn 2001 ugefaangen. Fir d'éischt gouf eng Noutbréck gebaut vun der Plaz bei der Atert eriwwer an d'Rénkelsgaass (route de Finsterthal), do wou de Wäschbur steet. Den éischte Bou vun der neier Bréck ass de 17.5.2002 gesat ginn. De Café « Um Gréngen Eck », deen d'Gemeng kaaft hat, gouf ofgerappt a spéider duerch en neit Gebai ersat.

Op de Foten:

1. Déi al Atert Bréck mat dem Pilier an der Mëtt an, ganz riets, dem Deel vum « Gréngen Eck » dee praktesch an der Atert steet.


Foto: Biisser Buet Nr. 7/2000.

2. Montage vun der Noutbréck vun der Plaz bei der Atert eriwwer an d'Rénkelsgaass (route de Finsterthal). Dës Noutbréck war d'Verbindung tëscht den zwee Deeler vum Duerf wärend dem Chantier vun der neier Bréck.

Foto: Camille Schroeder

3. Skizz vun der neier Atert Bréck

Foto: Biisser Buet Nr. 7/2000.



3



4



5

Centre Wonerbatti

Am Frounert selwer gouf de Projet vum Centre Wonerbatti realiséiert. Hei gëtt et e Lach an der Dokumentatioun. De Klautjen gouf vum Februar bis den Dezember 2000 duerch eng nei Publikatioun, de Biisser Buet, ersat. An der Editioun Nr. 6/2000 vum Oktober 2000 gesäit een eng Foto vum Komplex Wonerbatti virum Ëmbau. 2001 huet de Gemengerot gewiesselt a bis zum Enn vun deem senger Legislaturperiod gouf keen Informatiounsblat an och kee Klautjen publizéiert. 2006 ass de Klautjen nees erauskomm ënnert enger neier Formule an do fënnt een an der Nr. 3/2006 eng Foto vun dem neie Centre Wonerbatti. Deen ass also an der Period tëscht 2000 an 2006 gebaut ginn. Iwwer d'Jore ware wuel verschidde Projeten ugeduecht ginn, aus deene sech dat definitivt Konzept erginn huet, mee et gëtt keng ëffentlech zougänglech Dokumentatioun heizou.

Op de Foten:

4. De Komplex Wonerbatti virun dem Ëmbau.

Foto: Biisser Buet Nr. 6/2000.

5. Den neie Centre Wonerbatti nom Ëmbau.

Foto: Klautjen vun 2006 Nr. 3.

Ënnerwee bis zum zweeten Ausbau vum Frounert

Mat de Wale vun 2005 huet de Gemengerot gewiesselt an de Schäfferot huet a senger Erklärung vum 21.12.2005 ënnert aneren, folgend Projeten opgelëscht :

- Bau vun engem Centre de Rencontre fir den Drëtten Alter.
- Neibau vum Gréngen Eck.
- Ëmbau vum Haus « Sténges » zu engem Jugendzentrum.
- Realisatioun vun engem Terrain Multisports.
- Amenagement vum Frounert zu engem Erhuelungszenter an der Mëtt vum Duerf.
- Amenagement vum Wonerbatti, deen elo «Centre Culturel» genannt gëtt.
- Ëmbau vum Gemengenatelier fir d'Besoine vun de Biisser Veräiner.

Jugendhaus

Den Ëmbau vum Haus « Sténges » zu engem Jugendhaus war schonn de 27.6.2002 vum Gemengerot decidéiert ginn, an d'Aarbechten haten 2004 ugefaangen. D'Jugendhaus ass den 13.9.2006 vun der Familljeministesch Marie-Josée Jacobs ageweit ginn. Déi éischt Responsabel war d'Martine Schannel, éducatrice graduée. D'Jugendhaus sollt keng Konkurrenz zu de Veräiner sinn, mee versteet sech als komplementar fir op d'Veränneren gen an der Gesellschaft ze reagéieren an de Jugendleche sënnvoll Fräizäitbeschäftegungen unzebidden.

Den 2.6.2006 geneemegt de Gemengerot den Amenagement vun engem Terrain Multisports vun 12 op 24 Meter nieft dem Jugendhaus. De Käschtepunkt war 56.228 € fir den Terrain selwer an 29.655 € fir Virbereedung an Terrassementer. De Familljeministère huet 50 % an d'UEFA 20 % vun de Käschten iwwerholl.

Pëppele bei der Atert

2006 goufen 18 héich Pëppelen, déi laanscht de Gemengenatelier an d'Spillplaz stoungen, aus Sécherheetsgrënn ëmgemaach. Ee Réckschnëtt hätt kee Sënn gemaach wéinst der enormer Breet vun der Kroun a well d'Beem staarkem Wand ausgesat waren. Den Ëmweltministère huet als Oplag ginn, d'Pëppele missten duerch eng Naturheck ersat gi vu mindestens 90 Meter Längt an 2 Meter Breet.

Konzept fir den neien Amenagement vum Frounert

An dem Budget fir d'Joer 2008, deen de 27.12.2007 gestëmmt gouf, stoung een Devis fir den Amenagement vum Frounert. Resuméiere mir kuerz d'Situatioun am Frounert, wéi se sech 2008 duergestallt huet. D'Jugendhaus am fréieren Haus Sténges war a Betrib an de Centre Wonerbatti war operationell. Nieft der Hal vum Gemengenatelier stoung am Summer ee Festzelt. Un der Hal konnt net geschafft ginn, well de Gemengenatelier fir d'éischt an déi nei Gebaier am Gruef plënnere muss, déi awer nach net fäerdeg waren. Et war och kee Konzept decidéiert fir den Erhuelungszenter an der Mëtt vum Duerf, deen an der Schäfferotserklärung vun 2005 ugekënnegt war.

An der Gemengerotssëtzung vum 19.5.2009 stellt de Schäfferot ee Gesamtkonzept fir den Ëmbau vum Frounert vir, deen de Büro Förder Demmer Landschaftsarchitekten ausgeschafft hat. D'Plaz sollt a méi Beräicher opgedeelt ginn an zwar den Deel vun der Jugend, eng Festplaz an e Park mat Gréngflächen. Déi eenzel Beräicher sollte mat Hecken a Beem begrenzt ginn. D'Plaz vun der Jugend kéim bei d'Jugendhaus. Et handelt sech heibäi ëm de multifunktionellen Terrain an de laangen Dësch mat, agravéiert, Biissen am Atertdall. Dësen Dësch hunn d'Architekte Generationentisch genannt. E sollt de Jugendlechen d'Méiglechkeet ginn, sech am Fräien opzehalen an auszetauschen.

D'Parkplaz sollt 37 Stellplaze kréien a mat Kopfweiden beschattet ginn. De Belag sollt waasserduerchlässeg sinn, fir dass d'Plaz méiglechst naturno bleift.

Duerch déi eenzel Beräicher kéime Weeër, déi als Promenad bei d'Atert féieren, vu wou aus een iwwer eng Foussgängerbréck op déi aner Säit kéim. Laanscht d'Ufer sollte Sëtzbänke gebaut ginn a Gradinen aus Bëtong, déi bis erof bei d'Waasser ginn. Doduerch sollt d'Atert opgewäert a positiv als Deel vum Park a vum Duerf erlieft ginn.

Laanscht déi ganz Säit Richtung Béiwen sollte Spillplaze komme mat den entspriechende Geräter an eng Waasserspillplaz. D'Beplanzung vun der Gréngplaz géif gemaach gi mat Weiden, Blummestauden an Uebstbeem. Et sollte Plaze gi fir ze picknicken an Theemegäert. Interessant ass, dass an dem Raum tëscht Parkplaz a Festhal, eng Neelmaschinn sollt opgestallt ginn. An der Diskussioun vum Projet gouf proposéiert, zousätzlech eng Toilette fir Hënn anzeplangen, eng Plaz fir Vëloen ofzestellen an eng Plaz fir Boule ze spillen.

D'Aarbechte sollten am Mee 2009 ufänken a spéitstens 2012, mat dem Bau vun der Foussgängerbréck, ofgeschloss ginn. De Gesamtkäschtepunkt ass op 2 Milliounen Euro geschat ginn. Den 20.10.2009 huet de Gemengerot de Projet vum Reamenagement vum Frounert geneemegt an den 28.12.2009 ass de Gemengenatelier an déi nei Struktur am Gruef geplënnert. Domat konnten d'Aarbechten am Joer 2010 ufänken.



Plang vum Reamenagement vum Frounert, deen de Gemengerot den 20. Oktober 2009 gestëmmt huet. Dëse Plang gouf am Klautjen vun 2009 Nr. 11 publizéiert.

Realisatioun vun dem neien Amenagement vum Frounert

Wéi et bei sou grousse Projete geet, dat engt ass de Plang an dat anert ass, wat een sech leeschte kann. De multifunktionellen Terrain an dem Jugendberäich war schonn do. De Generationentisch gouf gebaut. De Buedembelag bei der Parkplaz war net ideal, bei reenegem Wieder war vill Bulli do. De Sprangbur blouf bestoen. D'Virplaz vun der Hal ass nei amenagéiert ginn an d'Hal selwer gouf ëmgebaut zu enger Festhal. Et gouf eng Hondswiss gebaut an d'Waasserspillplaz gouf ersat duerch en Terrain fir Boule ze spillen.

An der Fléiergaass (route de Boevange) gouf en Duerchgang gemaach, wou ee vun der Strooss iwwer Trapen direkt an de Frounert kënnt. Den Terrain, wou déi Trape leien, gehéiert awer net der Gemeng, mee der Résidence Anne, laanscht déi de Wee féiert. Interessant ass och, dass d'Oberflächewaasser vum Plockebierg, dat ass de Bierg hannert der Résidence riets vun der Strooss op Béiwen, ënnerierdesch an de Frounert geleet gëtt an déi kleng Baach, déi duerch d'Spillplaz leeft.

Dëst sinn nëmmen zwou Ännerungen ënnert aneren. Bei sou grousse Projete gëtt et ëmmer Imprevuen, wat am Fall vum Frounert derzou gefouert huet, dass de Gemengerot a senger Sitzung vum 8.10.2012 en zousätzlechen Devis vun 1.075.000 Euro huet misse stëmmen. Fir de Budget am Gläichgewiicht ze halen, gouf op anere Plaze gekierzt. Bei dem Reamenagement vum Frounert ass d'Foussgängerbréck iwwer d'Atert fale gelooss ginn. Vun de Bëtongsgradinen um Ufer vun der Atert gëtt net méi geschwat. Schued ass et, dass de Projet, eng Neelmaschinn opzestellen, net konnt realiséiert ginn. Mir hunn tatsächlech näischt am Duerf, ausser e puer Stroossennimm, dat un déi joerhonnertal industriell an handwierklech Traditioun vun eiser Uertschaft erënnert.

De Frounert vun haut

Dat ass de Frounert, sou wéi mir en haut kennen. De Projet vum Reamenagement vum Frounert gouf ënnerstëtzt vum europäesche Programm FEADER – Fonds européen agricole pour le développement rural. An de leschte Jore koum nach en Infoschierm an eng mobil Bün bäi, déi um Ufank vun der Saison montéiert gëtt a stoe bleift bis de Chrëschtmaart. Op där Bün kënnen z.B. Museks- an Danzgruppen optrieden. Bei der Hal goufen och komplett ageriichte Containeren opgestallt fir Grillen a Fritten.

Wann een sech déi 55 Joer zënter 1970 ukuckt, da mus ee soen, dass vill am Frounert geschafft gouf. Eppes ass awer bliwwen, haut grad wéi virun honnert Joer. Am Frounert spillt sech d'soziaalt Liewe vun eiser Uertschaft of. Hei treffe sech Jonk an Al fir zesummen ze feieren a schéi Momenter ze verbréngen. De Frounert war fréier an ass haut nach ëmmer d'Häerz vun eisem Duerfliewen.

Pol Schummer

Sourcen :

- *Gemengerotsberichter am Biisser Buet an am Klautjen.*
- *Gespréich mam Gaston Raths, deen am Frounert wunnt.*
- *Gespréich mam fréiere Buergermeeschter a Gemengeconseiller Jos Schummer.*

Bis'Talk: De Mattis Koch am Studentenaustausch op der Île de la Réunion

Kuckt hei den Interview





De Mattis Koch vu Biissen, 15 Joer al, Schüler op enger 4e am Dikrecher Kolléisch, war am November/Dezember 2024 fir ee Schüleraustausch am Kader vum Projet Erasmus+ op der Île de la Réunion. Datt hien direkt, wéi d'Schüler dat am Schouljoer virdrun opgewise kruten, un deem Projet intresséiert war, léisst sech sécher och duerch seng villfälteg Hobbyen a säi grousst Intressi un allem Neien erklären. Seng grouss Passioun gëllt awer der Musek an dem Fléien.

D'Iddi fir hei säin Intressi un enger neier Kultur a seng Loscht ze fléien ze verbannen, huet hie vun Ufank u faszinéiert. Seng Elteren hunn hien an där Iddi ënnerstëtzt, vläicht och mam Hannergedanken, datt dësen Openthalt förderlech wier, fir seng Kenntnisser an der franséischer Sprooch opzebesseren. Op enger éischter Informatiounsversammlung huet de Mattis sech ageschriwwen an de 16. Juni 2024 krut hien d'Confirmatioun, datt hien derbäi wier. Hie war voller Virfreed an huet vun der Schoulvakanz profitéiert, fir sech iwwer dës Insel mat all hire Schéinheeten ze informéieren.

Wéi et dunn endlech esou wäit war, war d'Opreegung natierlech grouss. Et war awer eng positiv Opreegung, voller Freed op dat Neit, wat hien erwaarde géif. Eng Waliss pake mat Kleeder, Schwamm- a Sport- a Schoulsaache war ee richtegen Challenge. Mä de Mattis krut alles esou gutt getässelt, datt souguer seng Klarinett, wuel auserneegeholl, nach dra gepasst huet. Du koum den 3. November, den Dag vum Départ, zesumme mat zwee aner Schüler, dem Sophie an dem Dan an dem Direkter vum Kolléisch. Wéi si, nom laange Fluch, zu Saint Denis op der Île de la Réunion aus dem Fliger geklomm sinn, ass hinnen d'Hëtzt an déi extreem Loftfiichtegkeet entgéint geschloen. Déi Loftfiichtegkeet wäert si an den nächste 6 Woche begleeden.

Dono si si alleguerten an de Lycée Saint Charles gefuer, wou de Mattis dann och de Ryan, säin Austauschkolleeg, kenne geléiert huet. Well deen awer Cours hat, ass dem Ryan säi Papp komm an dien huet hien an hiert Haus gefouert. Do krut de Mattis alles gewisen. Wéi de Papp dunn awer rëm op seng Aarbecht gefuer ass, war de Mattis ganz alleng an deem friemen Haus. Dunn hat hien d'Gefill vu Verloossenheet an hien huet sech gefrot, ob déi Entscheedung heihin ze kommen, richteg war. Nodeem hie mat senger Mamm geschwat huet, goung et him scho besser, a wéi dunn d'ganz Famill heemkomm ass, war Liewen am Haus an d'Zweifel ware fort.

All Dag ass hie mam Ryan mam Bus an de Lycée gefuer, wou hien u sämtleche Coursen deelgeholl huet. D'Fächer waren änlech wéi hei zu Lëtzebuerg. D'Schoul huet awer schonn um 7.30 Auer ugefaang, an no enger Mëttespaus sinn d'Course bis 16.00 oder 16.30 Auer gaangen. Déi dräi lëtzebuergesch Schüler haten awer eng Dispens vun 10 Stonnen d'Woch, wou si entweeder un engem Rapport op Franséisch iwwer hiren Openthalt oder un der Matière, déi si doheem verpassen, geschafft hunn. Och wann dat éischt Trimester zu Dikrech net gezielt gëtt, musse si dach awer am Januar op der Héicht vun der Matière sinn.













Nieft der Schoul gouf et awer vill aner Saachen ze entdecken. Dem Ryan seng Famill huet ganz grousse Wäert drop geluecht, fir gemeinsam Aktivitéiten an der Famill ze maachen. Owes goufe ganz dacks Gesellschaftsspiller gemaach oder einfach beienee geseess a geschwat, an de Weekend goufe Wanderungen organiséiert. Eng wäert dem Mattis ëmmer an Erënnerung bleiwen, do wou si iwwert een impressionante Vulkan gaange sinn. Ganz dacks ware si och op der Plage, sinn an d'Mier schwamme gaang oder hu sech um Strand ameséiert. Eemol ware si bei engem Fiels, vu wou een ouni Gefoer an d'Mier sprange konnt. Den Highlight war awer, wéi de Mattis a seng zwee Kolleegen aus Lëtzebuerg sech fir de Paragliding ugemellt haten. Opreegend, mä faszinant. D'Famill hat keng Televisioun, mä bei all deenen Aktivitéiten huet de Mattis och keng vermësst.

Déi éischt véier Woche sinn esou séier vergaang, well ëmmer eppes ze di war. Mä ëmmer méi huet de Mattis seng Famill vermësst an huet sech och rëm op säin Doheem gefreet. Wéi hien Enn November eng Foto vu Lëtzebuerg am liichte Schnéi geschéckt krut, war d'Verlaangeren no kalem Wieder richteg grouss. Op der Île de la Réunion ass et ëmmer waarm an et schweesst ee permanent. De 6. Dezember, Niklosdag, sinn déi dräi Lëtzebuerger an eng Epicerie gaang an hu Schockela kaaft, dee si sech géigesäiteg geschenkt hunn. Dobäi hu si Niklosliddер iwwer Handy gelauschtert. Et war hinne bewosst ginn, datt et den éischten Niklosdag war, dee si verpasst hunn, an och mat 15 Joer ass deen Dag nach ëmmer speziell. De 15. Dezember ass de Fluch du rëm op Lëtzebuerg gaang.

Wat bleift vun dësem Austausch? De Mattis huet praktesch nëmme positiv Andréck mat heem geholl. Dat Bild, dat hie sech am Viraus vun der Insel gemaach hat, ass genausou agetraff, d'Famill, an där hie gelieft huet, war ganz häerzlech an aus der Begéinung mam Ryan gouf eng grouss Frëndschaft. Déi 6 Wochen, wäit ewech vu senger eegener Famill, hunn him vill a punkto Selbstännegkeet an eege Stäerkt bruecht. An natierlech huet säi Franséisch sech vill verbessert. An trotz all deene schéinen Erfarungen an där paradisescher Landschaft weess hien, datt seng Famill a säi lëtzebuergescht Ëmfeld duerch näischt ze ersetze sinn.A schonn huet de Mattis sech drop gefreet, säi Kolleeg Ryan zu Lëtzebuerg kënnen ze begréissen. De 16. Januar war et du sou wäit, a fir de Ryan huet datselwecht gegollt wéi fir de Mattis zu Saint Pierre. De Ryan ass zu Lëtzebuerg ukomm, wéi et zimlech kal war. Obschonn hie scho liicht virgesuergt hat a waarm Saachen agepaakt hat, goung et net duer, an de Mattis huet him missen Händschen, Schal a Mutz léinen, an déi Saachen huet hien déi ganz 7 Wochen net méi ewechgelooss, wann hien d'Haus verlooss huet.

De Ryan ass mat dem Mattis an den Dikrecher Lycée gaangen. An hirer Fräizäit huet dem Mattis seng Famill ganz vill ënnerholl, fir dem Ryan eist Land méi no ze bréngen: d'Stad Lëtzebuerg mat hirer Geschicht, déi vill Buergen a Schlässer am Land, d'Museléigend oder och Iechternach, awer och dem Land seng Traditiounen, wéi Fuesent mat de Baler a Kavalkaden. De Ryan ass och alt mol mat dem Mattis mat an d'Museksprouf gaangen, wat fir hien eppes Extraes war. Och an d'not Ausland ass et gaangen, wéi op Orscholz oder mam TGV op Paräis fir 3 Deeg, an dat och mat de Familljen, wou déi zwee aner Schüler vun der Réunion ënnerbruecht waren. Wat dem Ryan zu Lëtzebuerg opgefall ass, ass datt d'Liewe méi hektesch ass wéi op senger Insel. Duerch dem Mattis seng vill Hobbyen, muss hie sech schonn ëmmer gutt andeelen, eppes wat de Ryan esou net kennt.

Mä iergendwann war och dem Ryan seng Zäit zu Lëtzebuerg eriwwer, an den 3. Mäerz ass hien zréck bei seng Famill geflunn. Fir déi zwee Jongen e ganz komescht Gefill. Am Ganze ware si elo 13 Wochen zesummen, hu Schoul an och Fräizäit matenee gedeelt a si waren zu engem richtigen Zweegespann zesumme gewuess. An elo hu si sech missen äddi soen, woubäi si net woussten, ob si sech géifen erëmgesinn, well d'Distanz tëschent deenen zwee Länner dach grouss ass. Dem Mattis seng Elteren hunn awer gemengt, datt si an den nächste Joere géifen hir Vakanz op der Réunion verbréngen an dann och dem Ryan seng Famill géife besichen. Bis dohi ginn et jo sozial Medien, an effektiv ass nach keng Woch vergaang, ouni datt déi zwee sech geschriwwen hunn.



Retour à mon enfance à Bissen

Fin octobre, la commune a reçu une demande de Paulo Loureiro pour pouvoir revisiter l'école primaire de Biissen. Monsieur Loureiro, professeur de français et d'allemand au Portugal, a lui-même fréquenté l'école de Biissen avant de repartir avec sa famille au Portugal dans les années 1980. Marqué par de précieux et beaux souvenirs de ses années passées à l'école de Biissen, il souhaitait faire découvrir à son épouse l'établissement où il avait grandi.En décembre, ils se sont donc rendus à Biissen pour, entre autres, visiter les lieux et raviver d'anciens souvenirs. Voici la lettre de Monsieur Loureiro.

Je m'appelle Paulo Loureiro et j'ai fréquenté l'école de Bissen de 1974 à 1980. Le 2 décembre dernier, accompagné de mon épouse, j'ai eu la joie de renouer avec les lieux de mon enfance : la rue où j'ai vécu (16, rte de Roost) et l'école où j'ai étudié.

Ce fut une expérience très émouvante de retrouver, plus de 40 ans après, un aperçu de cette charmante commune de Bissen. Nous avons eu le plaisir de revoir nos voisins, le couple Geisen, et avons été chaleureusement accueillis par Chantal Wammer pour une visite de l'école.

Mes souvenirs d'école sont peuplés de quelques professeurs et de quelques camarades (voir photo), mais une figure se détache particulièrement : Monsieur Klein. C'est lui qui a su guider ma mère et l'orienter vers les meilleures options pour mon avenir.

Aujourd'hui, en tant que professeur de langues française et allemande, mais surtout en tant que citoyen, je lui exprime toute ma gratitude. Il m'a appris non seulement les savoirs, mais aussi le savoir-être et la confiance en moi. Grâce à lui, j'ai acquis des outils précieux que j'utilise encore aujourd'hui, tels que la calligraphie, la ponctualité, une bonne posture en classe, le respect d'autrui et cette confiance en moi qui m'a permis de relever de nombreux défis.

Je tiens à remercier chaleureusement Chantal et les services municipaux pour avoir répondu à ma demande. Je leur en suis infiniment reconnaissant.

À un de ces jours !



No final de outubro, a comuna recebeu um pedido de Paulo Loureiro para poder revisitar a escola primária de Bissen. O senhor Loureiro, atualmente professor de francês e alemão em Portugal, frequentou ele próprio a escola de Bissen antes de regressar com a família a Portugal nos anos 1980. Marcado por memórias preciosas e felizes dos seus anos em Bissen, ele desejava mostrar à sua esposa a escola onde cresceu.

